# Europäesch Kommissioun lancéiert
# EU-wäit Informatiounscampagne iwwer Rechtsstaatlechkeet

*Bréissel, den 19. September 2024 - D'Europäesch Kommissioun lancéiert eng Campagne op de Soziale Medien iwwer Rechtsstaatlechkeet. Duerch dës Kommunikatiounscampagne wëll d'Kommissioun d'Iddi vun der Rechtsstaatlechkeet den EU-Biergerinnen a Bierger méi no bréngen an d'Bewosstsinn iwwert hiren Impakt am Alldag vun de Leit stäerken. D'Campagne konzentréiert sech op déi sechs Grondprinzippien, déi d'Rechtsstaatlechkeet definéieren duerch Animatioune vum renomméierte Kënschtler an Illustrator Christoph Niemann.*

**D'Rechtsstaatlechkeet méi no un d'Bierger bréngen**

D'Zil vun dëser EU-wäiter Campagne ass et, dat abstrakt Konzept vum Rechtsstaatlechkeet den EU Biergerinnen a Bierger méi no ze bréngen an de konkreten Afloss vun der Rechtsstaatlechkeet op hiren Alldag ze ënnersträichen.

D'Campagne konzentréiert sech op déi sechs Grondprinzippien déi d'Rechtsstaatlechkeet definéieren: Gläichheet virum Gesetz, Rechtssécherheet, Willkürsverbuet, Onofhängegkeet vun der Justiz, Legalitéit a Muechttrennung.

**Lëtzebuerg: Bierger schätzen d'Rechtsstaatlechkeet héich**

De Besoin fir dës Kommunikatiounscampagne ass kloer: och wa Bierger a Biergerinnen an der EU d'Rechtsstaatlechkeet unerkennen, wënschen si sech besser driwwer informéiert ze sinn, wat dëse Konzept eigentlech an der Praxis bedeit.

Zu Lëtzebuerg fënnt eng grouss Majoritéit (96%) vun de Leit et essentiel oder wichteg, datt all EU-Memberstaaten d'Grondwäerter vun der EU respektéieren, och d'Rechtsstaatlechkeet. Am Verglach weisen d'Resultater datt 64% sech gutt iwwer d'Rechtsstaatlechkeet informéiert fillen.

Den Didier **Reynders**, EU-Kommissär fir Justiz, sot: "D'Rechtsstaatlechkeet gëtt dacks als een abstrakt Konzept, wat wäit vun engem ewech ass, gesinn, wat fir vill Leit schwéier ze verstoen ass. Och wann et definéiert wie mir sinn a wat eis als Europäer vereenegt, neige mir dozou ze denken, datt Rechtsstaatlechkeet nëmmen a negative Fäll optrëtt. Dëst Campagne ziilt dorops, jidderengem z'erklären, wat Rechtsstaatlechkeet bedeit, wéi vill mir se an enger alldeeglecher Basis gebrauchen, a firwat et wichteg ass fir Ongläichheeten an Ongerechtegkeeten ze bekämpfen. Inspiréiert vun der Welt vum Sport, erlaben déi wonnerbar Animatioune vum Christoph Niemann et jidderengem sech mat de Prinzippie vum Rechtsstaat ze bezéien."

**D'Konzept vun den Animatiounen**

Fir dës abstrakt Prinzippie méi gräifbar ze gestalten, huet den Däitsche Kënschtler Christoph Niemann, dee reegelméisseg op de Covere vun The New Yorker, National Geographic an The New York Times Magazine erschéngt, sechs einfach mee ausdrocksvoll animéiert Videoen erstallt, fir d'Bierger an d'Biergerinnen unhand vun enger Geschicht a mat der Metapher vum Sport, d'Rechtsstaatlechkeet méi no ze bréngen.

"Ech wollt de Rechtsstaat visualiséieren, andeems ech se mat eppes vergläichen, wat mir aus dem Alldag kennen: d'Reegelen am Sport. Fussball spillen, op enger Rennstrecke konkurréieren oder eng

Ronn Billard spillen - dat alles ass nëmme méiglech wa mir eis op konsequent a fair Reegele baséieren. A mengen Animatiounen hunn ech mir spilleresch iwwerluet, wat géif passéieren, wann all Reegelen ewechfale géifen. Ech wollt weisen, datt de Schutz vun der Rechtsstaatlechkeet, ee fairen a berechebare Kader ze schafen, an dem d'Gesellschaft gedeie kann", erkläert den Niemann.

D' Animatiounsserië wäerten an de sozialen Netzwierker vun alle 27 EU Memberstaate wärend enger Dauer vu véier Woche promouvéiert ginn.

**Méi Ressourcen iwwert d'Rechtsstaatlechkeet**

Méi Informatiounen iwwer d'Wichtegkeet vun der Rechtsstaatlechkeet a wat d'Europäesch Kommissioun ënnerhëlt fir se ze schützen, fannt Dir hei ënnen.

Wat ass de Rechtsstaat? D'Rechtsstaatlechkeet ass ee vun de Grondwäerter vun der EU, déi d'Demokratie an d'Rechter a Fräiheete vun de Bierger garantéiert.

Wat mécht d'Kommissioun fir de Rechtsstaat z'erhalen? Eis Grondwäerter oprecht ze halen ass eng Verantwortung vun den EU-Institutiounen an all Memberstaaten.

Rapport iwwer Rechtsstaatlechkeet : De Rapport iwwer Rechtsstaatlechkeet iwwerwaacht wichteg Entwécklungen, souwuel positiv als och negativ, iwwer Rechtsstaatlechkeet an all Memberstaaten an och, Stand 2024, 4 weider Staaten.

EU Justice Scoreboard: D'EU Justice Scoreboard presentéiert en alljärleche komparativen Iwwerbléck vun Indikatoren iwwer d'Effizienz, Qualitéit an Onofhängegkeet vu Justizsystemer.

**Iwwer d'Generaldirektioun fir Justiz a Konsumenteschutz**

D'Generaldirektioun vun der Europäescher Kommissioun fir Justiz a Verbraucher ass responsabel fir d'EU Politik iwwer Justiz, Konsumenterechter a Geschlechtergläichheet.